



Affilié à la 



Pressemitteilung

Betrëfft: Distanzéierung zu der AMELUX hire Propose Méindeg, den 12.12.2022 um Radio vun RTL

D'AMET a.s.b.l. mat iwwer 200 Memberen ass déi eelsten an eenzeg Gewerkschaft a Lëtzebuerg, déi sech zënter 49 Joer fir d'Uleies vum „Maître d'Enseignement“ aetzt. Mir wëllen heimat kloerstellen dat mir d'Proposé vun der AMELUX des weideren net deelen.

Ënnert Anerem si mir net der Meenung dat den DAP Diplom mat enger 1ère soll gläichgestallt ginn. Et gëtt an der Formation professionnelle fir verschidde Beruffer den Technikerdiplom DT, dee mat enger 1ère ofgeschloss gëtt an et dono erlaabt weider studéieren ze goen. Eis Meeschterkaart ass een Diplom, deen am LQR agestuft gëtt zwëschen dem Bac an dem Bachelor, dësen ass bei der Fonction Publique valoriséiert ginn. Och d'Ausso dat den Här Meisch sech net mat der Formation professionnelle befaasst, fanne mir net richtig a mussen eis klor distanzéieren. Mir als AMET sinn zënter Méint an engem konstruktiven Austausch mam Här Meisch senge Léit aus dem MEN, a siche fir déi bestoend Problemer an der Formation professionnelle zesummen no Léisungen.

Fir de Komitee vun der AMET a mat beschte Gréiss,

Bethke Gerry

President vun der AMET a.s.b.l.